N°4091
Entrée le 13.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.05.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°2870 huet d'Madamm Minister drop higewisen, datt een am Oktober zejoert virun allem um Niveau vun de Spidolsmedikamenter sech Suergen ëm méiglech Enkpäss géif maachen. Fir Enkpäss an der Medikamenteversuergung wäitméiglechst z'evitéieren, hätt d'Gesondheetsdirektioun Accorde mat de Grossisten ofgeschloss, fir d'Lagerbestänn vu verschiddene kritesche Medikamenter ze stäerken. Awer kënnt et reegelméisseg zu zäitweisen Enkpäss vun eenzelne Medikamenter.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen:

- Bei wat fir enge Medikamenter koum et an de leschte 5 Joer zu deene meeschten Enkpäss?
- Mat wéi enge Länner huet Lëtzebuerg Ofkommesse fir den Import vu Medikamenter?
- Gedenkt d'Madamm Minister fir nach weider Ofkommessen ofzeschléisse fir d'Medikamenteversuergung weiderhin ze garantéieren?
- Kéint d'Madamm Minister matdeele wou d'Aarbechten un der nationaler Dateplattform iwwert d'Disponibilitéite vun de Medikamenter dru sinn?

- Kann ee vun der CNS rembourséiert gi wann een e Medikament an d’Groussregioun kafe geet dat deen Ament zu Lëtzebuerg net disponibel ass?

- Falls dat net de Fall ass gedenkt d’Madamm Minister fir dëst z’erméiglechen?“

Mat déiwem Respekt,

| Corinne CAHEN<br>Deputéiert | Carole HARTMANN<br>Deputéiert |
|---|---|